ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 5. Juni 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Gesondheetsminister weiderzeleeden.

An engem Artikel aus enger op d'Landwirtschaft spezialiséierter franséischer Pressesäit (*web-agri.fr*) war rezent ze liesen, datt nodeems e Wandpark op 600 m zu engem Bauerebetrib seng Aktivitéiten opgeholl huet, de Gesondheetszoustand vum Véibestand sech stënterlech verschlechtert huet duerch Krankheeten, Feelgebuerten, etc.

No enger Plainte vun de Baueren, déi iwwregens bis dato vun der Wandenergie iwwerzeegt waren an och Terrainen hierginn hate fir d'Implantatioun vum Wandpark, gouf de Betrib vu villen Experten ënnersicht an et goufe keng Mängel an der Bewirtschaftung festgestallt. An där kuerzer Zäit, wou d'Wandmille wéinst Maintenanceaarbechten ofgeschalt goufen, ass beispillsweis festgestallt ginn, datt d'Mëllechleeschtung nees an d'Luucht gaangen ass.

Am Frankräich huet de GPSE (www.gpse.fr - *Groupement permanent pour la sécurité électrique en milieu agricole*), eng offiziell Instanz ënnert der Tutelle vu verschiddene Ministèren, e gesondheetlechen Impakt festgestallt duerch déi sougenannte „perturbations électriques". E weidere Fuerschungsbedarf wier néideg an deem Beräich.

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madame Ëmweltminister, den Här Landwirtschaftsminister an den Här Gesondheetsminister:

1. Ass d'Regierung informéiert iwwert de Constat, deen a Frankräich duerch den GPSE gemaach gouf, dat d'Wandenergie en gesondheetlech Impakt op d'Notzvéi huet?
2. Wa jo, gëtt dësen Erkenntnisser Rechnung gedroen, op d'mannst beim Erriichte vu Wandparke bei bestoende Ställ?
3. Wéi steet d'Regierung zu de Fuerderungen, fir och präventiv bei Ställ en Mindestofstand ze respektéieren, esou wéi et an der Tëschenzäit och bei de

Wunnberäicher gefuerdert gëtt? Bei Wunngebidder gëtt et jo an der Tëschenzäit vill Beispiller an Europa an deem Sënn.

4. An deem zitéierte Artikel sinn net nëmmen d'Véi, ma och noweislech d'Bauereleit krank ginn. Des kënne bekanntlech net esou einfach de Betrib verloossen an op eng aner Plaz plënneren. Kéint esou eng noweisbar Erkrankung deemno zu Lëtzebuerg och als beruffsbedéngte Krankheet unerkannt ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten